N°2902
Entrée le 19.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.09.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Den 12te September 2025 gouf bekannt, datt d'Drénkwaassernetz zu Stroossen no de staarke Reefäll vum 8te September kontaminéiert gouf. Laut Medieberichter sinn iwwer 10.000 Awunner betraff, an d'Gemeng huet missen d'Schoule mat Fläschewasser versuergen.

Dës Situatioun werft wichteg Froen op iwwer d'Sécherheet vun eise Waassernetzer am Fall vun Extremwiederkonditiounen, déi duerch de Klimawandel ëmmer méi heefeg ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng präventiv Moossname plangt d'Regierung ze huelen, fir d'Drénkwaassernetzer am Land géint zukünfteg Extremwiederkonditiounen ze schützen?
2. Wat fir eng Kommunikatiounsstrategien a Noutfallpläng musse Gemengen applizéieren am Fall wou duerch grouss Wierderevenementer d'Krunnewaasser an enger Uertschaft verschmotzt ass?
3. Ginn et Virschrëften innerhalb vu wat fir engem Zäitraum nom feststelle vun enger Verknaschtung Strukture mat besonnesch vulnerabele Persounen, wéi zum Beispill Crèchen, Alters- a Fleegeheemer oder generell Ënnerbréngungsstrukturen, mussen forméiert ginn?
4. Firwat ginn a Fäll, wou d'Drénkwaasser a enger Gemeng verknascht ass, net op d'Opbereedungsanlage vun der Arméi zréckgegraff?

Mat déiwem Respekt,

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2902 vum 19. September 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Sven Clement iwwert d' "Sécurité du réseau potable"**

1. **Wéi eng präventiv Moossname plangt d'Regierung ze huelen, fir d'Drénkwaassernetzer am Land géint zukünfteg Extremwiederkonditiounen ze schützen?**

D'Drénkwaassergesetz vum 23. Dezember 2022 schreift eng detailléiert Risikoanalyse vun den Drénkwaassernetzer vir, notamment fir systematesch Schwaachstellen ze identifizéieren a preventiv Moossnamen *en place* ze setzen fir d'Infrastrukturen ze schützen.

Duerch eng resilient Opstellung vun der Infrastruktur kënnen d'Drénkwaasserversuerger Impakter vun Extreemereignisser sou gutt wéi méiglech reduzéieren. Wichteg ass et fir en zweet Standbeen a Form vun engem Raccord un d'Nopeschgemeng oder un een Drénkwaassersyndikat ze hunn, fir sech géigesäiteg am Bedarfsfall aushëllefen ze kënnen.

Eng virsuergend Planung vun den Drénkwaasserinfrastrukturen am Hibléck vum geplangte Wuesstum vun de Gemengen an ënnert Berücksichtegung vun den Impakter vum Klimawandel ass primordial fir d'Versuergungssécherheet.

Dës Elementer wäert d'Regierung an enger Waasserstrategie festhalen, esou ewéi vum Regierungsprogramm virgesinn.

2. **Wat fir eng Kommunikatiounsstrategien a Noutfallpläng musse Gemengen applizéieren am Fall wou duerch grouss Wierderevenementer d'Krunnewaasser an enger Uertschaft verschmotzt ass?**

Am Kader vun den Obligatioune vum Drénkwaassergesetz vum 23. Dezember 2022 ass all Drénkwaasserversuerger verpflicht, e Noutfallplang fir seng Drénkwaasserversuergung auszeschaffen. Dëse Noutfallplang muss eng detailléiert Kommunikatiounsstrategie enthalen, an där festgehalen ass wéi d'Bevëlkerung am Fall vun enger Stéierung oder Ënnerbriechung an der Drénkwaasserversuergung séier an efficace informéiert ka ginn.

3. **Ginn et Virschrëften innerhalb vu wat fir engem Zäitraum nom feststelle vun enger Verknaschtung Strukture mat besonnesch vulnerabele Persounen, wéi zum Beispill Crèchen, Alters- a Fleegeheemer oder generell Ënnerbréngungsstrukturen, mussen informéiert ginn?**

Am Fall vun engem Opruff un d'Bevëlkerung déi Restriktiounen zu der Consommatioun vun Drénkwaasser enthält, läit et an der Verantwortung vun der Gemeng opgrond vun dem opgestallten Noutfallplang déi betraffe Bevëlkerung direkt ze informéieren, inklusiv déi Plaze wou vulnerabel Persounen ënnerbruecht sinn.

**4. Firwat ginn a Fäll, wou d'Drénkwaasser a enger Gemeng verknascht ass, net op d'Opbereedungsanlage vun der Arméi zréckgegraff?**

Mobil Waasserbehandlungsanlagen vun der Arméi gi prioritär vun der Arméi am Kader vun hiren eegene Missiounen agesat. Bei Problemer an der Drénkwaasserversuergung vun enger Gemeng oder engem Syndikat ginn d'Noutléisungen, déi schonn existéieren – wéi z. B. den Uschloss un eng aner Gemeng oder un een Drénkwaassersyndikat, souwéi d'Vernetzung vum Versuergungsnetz innerhalb vun enger Gemeng – als éischt berücksichtegt.

D'Waasserinstallatioune vun der Arméi kënnen nëmmen da mobiliséiert ginn, wann et zu enger schwéierer an dauerhafter Kontaminatioun kënnt an de betraffenen Drénkwaasserversuerger net iwwer séier notzbar Alternativen verfügt.

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit